PARLAMENTSWALEN 2023:

Wéi gendersensibel ass Är Partei?

Bildung

1. Wéi wëllt Dir diskriminéierend Inhalter (sexistesch, rassistesch, klassistesch) am Schoulmaterial an an de Programmer ofschafen?

*D'ADR ass net der Meenung, datt et an där Hisiicht aktuell gréisser Problemer gëtt, a vertraut am Groussen a Ganzen de Schoulbicher, déi um Maart sinn. Wat d'Programmer ugeet, wëll si dem Léierpersonal och déi néideg Fräiheet loossen, fir héichwäerteg Programmer ze definéieren. Eise Schwéierpunkt läit op der Qualitéit an der Wëssenschaftlechkeet vum Enseignement an net op éischter ideologeschen Aspekter.*

2. Wéi wëll Är Partei d'Representatioun vu Fraen an de Schoulprogrammer erhéijen (weiblech a queer Auteuren an der Literatur, Kënschtlerinnen, Wëssenschaftlerinnen, Musekerinnen,...)?

*D'ADR ass géint all Quotelogik. Wie grouss Leeschtungen a sengem Liewe bruecht huet a wichteg Contributiounen zu Kultur a Wëssenschaft opweises huet, ob Fra oder Mann, soll an de Schoulbicher representéiert sinn.*

3. Wëllt Dir genderspezifesch Aspekter an d'Ausbildung vum Léierpersonal integréieren?

*Nee.*

4. Wëllt Dir d'Erkennung an d'Präventioun vu Gewalt an d'Formatioun vun der Police, der Justiz an dem Gesondheetspersonal als feste Bestanddeel integréieren, respektiv ausbauen?

*Am Abléck besteet schonn e ganz héijen Niveau vu Bewosstsinn an dem Domän. Ob et wierklech néideg ass, dat nach auszebauen, däerf ee bezweifelen. D'Modalitéite vun der Interventioun an der Reaktioun bei Fäll vu Gewalt sollten awer lafend iwwerpréift a verbessert ginn.*

5. Wéi wëllt Dir eng geschlechtersensibel Perspektiv an déi non-formell Bildung integréieren?

*Dat ass net néideg.*

Aarbecht

6. Wéi wëll Är Partei de berengegten Gender-Pay-Gap ofschafen?

*Deen Gender-Pay-Gap läit zu Lëtzebuerg op engem Niveau, deen ënner Experten als net diskriminéierend agestuuft gëtt. E läit am Beräich vun Auswierkunge vu privaten Decisiounen op dat berufflecht Liewen. Et fält och op, datt bei ënner 40-Järegen den Gender-Pay-Gap sech zu Gonschte vun de Fraen entwéckelt.*

7. Ëm wéi vill Stonne wëll Är Partei d'Aarbechtszäit verkierzen?

*D'ADR ass fir méi Flexibilitéit, awer net fir eng Verkierzung vun der Aarbechtszäit.*

8. Wéi wëll Är Partei déi grouss Ongläichheet tëscht de Geschlechter bei de Renten ausgläichen?

*D'ADR strieft ganz allgemeng eng Reform vun de Sozialversécherungen un, fir der Wuesstemsproblematik ze begéinen. Dobäi soll den Usproch op eng Rent prinzipiell un d'Bäiträg gekoppelt bleiwen, déi een a sengem Liewe bezuelt huet. Fir Leit, déi hir Kanner selwer erzéien, proposéiert d'ADR en Elteregeld, dat voll bäitraagsflichteg ass. Am Scheedungsfall wär dann déi Persoun, déi d'Kanner erzitt, natierlech fir déi Zäit och renteversechert.*

9. Wëll Är Partei e bedéngungsloost Grondakommes aféieren?

*Nee.*

10. Wéi wëll Är Partei eng Kannerbetreiung fir all Kand, onofhängeg vun der Situatioun vun den Elteren, garantéieren (besonnesch fir strukturschwaach Géigenden an Elteren, déi op den ëffentlechen Transport ugewise sinn)?

*D'ADR setzt prioritär op e Modell, bei deem d'Famillje materiell an d'Lag gesat ginn, fir, wa si dat wëllen, hir Kanner och selwer ze betreien. Doduerch fält d'Zuel vun den néidege Crèchëplazen. Do, wou dann nach e Manktem besteet, kënne staatlech, kommunal a privat Initiativen dozou bäidroe weider Crèchëplazen unzebidden.*

<u>Famill</u>

11. Ëm wéi vill Wochen oder Méint wëll Är Partei de Congé de naissance (aktuell Bezeechnung "Pappecongé") verlängeren?

*D'ADR ass prinzipiell fir eng familljen- a kannerfrëndlech Politik an ënnerstëtzt dowéinst d'Verlängerung vum Pappecongé. A wéi engem Mooss an iwwer wéi en Zäitraum dat ka geschéien, hänkt och vun der Entwécklung vun der ekonomescher Gesamtsituatioun of.*

12. Wéi wëllt Dir d'Aarmut vun den Elengerzéienden ofschafen?

*Et ass gewosst, datt de Risiko an d'Aarmut ze falen, bei den elengerzéiende Familljе besonnesch héich ass. D'Aarmut ass awer e ganz entscheedende Faktor, deen déi weider Entwécklung vum Kand am gesellschaftlechen, schouleschen a soziale Beräich negativ beaflosst. Dowéinst ass et noutwenneg, den Elengerzéiende mat konkrete Moossnamen entgéintzekommen, wat wuel e finanziellen Opwand fir de Staat bedeit, deen awer proportionéiert a gerechtfäerdegt ass.*

*Als ADR si mir der Usiicht, datt d'Regierung déi elengerzéiend Familljen direkt, an ouni eng global Steierreform ofzewaarden, an d'Steierklass 2 reklasséiere sollt. Ausserdeem misst de crédit d'impôt monoparental bäibehalen an automatesch indexéiert ginn. D'Héicht vum Akommes, ab där dëse Steierkredit ofhëlt, muss och de Bedierfnesser vun enger Famill mat nëmmen engem Elterendeel*

*ugepasst sinn. Alimenter duerfen hei och net mat gerechent ginn. Steierlech Fräibeträg solle prinzipiell a Steierkreditter ëmgewandelt ginn. Dat ass e soziale Schrack, well grad déi Familljen oder eenzel Persounen, déi net genuch Steiere bezuelen, fir voll vun allen Abattemente kënnen ze profitéieren, finanziell am schlechtsten dru sinn.*

*Mir si fir eng kanner- a familljefrëndlech Steierpolitik. Duerfir géinge mir all Steierkredit an – esou laang et si gëtt – all Fräibetrag no der Zuel vun de Kanner am Stot moduléieren. Dat heescht, datt fir all Kand respektiv de Steierkredit oder de Fräibetrag ëm 25 % gehéicht gëtt.*

*Mir vertrieden allgemeng de Standpunkt, datt d'finanziell Belaaschtung duerch Kanner net duerf zum Aarmutsrisiko féieren. Dofir misst d'Kannergeld aus eiser Siicht erëm nom Barème vu virun der Reform 2017 ausbezuelt an indexéiert ginn. Dovu géif zum engen de Stot als Koppel profitéieren, zum anere wier et awer och eng weider konkret Hëllef fir elengerzéiend Elteren.*

13. Wëll Är Partei e Recht op e Congé de maternité fir Deputéiert a Regierungsmemberen aféieren?

*D'ADR ass prinzipiell dofir, och politesch Mandater méi familljefrëndlech ze maachen. Si hat och viru Jore schonn d'Aféierung vun enger Crèche fir d'Deputéierten a fir d'Personal vun der Chamber proposéiert. Well den Deputéierten oder Minister awer kee „Salarié" ass, mee e Mandat huet, stelle sech eng ganz Rei vu statutareschen an och politesche Froen, déi een an engem konstruktive Geescht soll diskutéieren a méiglechst séier léisen.*

<u>Gesondheet</u>

14. Wëll Är Partei „Endometrios" als Krankheet unerkennen? Falls nee: Firwat?

*D'ADR ass sech där Diskussioun bewosst a berifft sech am Bezuch op d'Unerkennung vu Krankheete prioritär op déi international unerkannte medezinesch Expertis.*

15. A wéi fern ënnerstëtzt Dir d'Schafung vun engem onofhängege Bureau de Plainte bei gynekologescher Gewalt?

*D'ADR ass der Meenung, datt déi aktuell Organismen duerginn, fir och deem Problem kënne Rechnung ze droen.*

16. Wëll Är Partei d'Gratisverdeele vu Menstruatiounsproduiten an alle staatlech geréierten Toiletten aféieren?

*D'ADR ass der Meenung, datt esou Produite solle fir sozial schwaach a fragiliséiert Frae solle gratis sinn.*

17. Am Moment ginn d'Pëll, de Vaginalrank, d'Verhütungsplooschter, d'Kupfer- an d'Hormonspiral bis zum 30. Liewensjoer zu 80% remboursséiert. Wëll Är Partei den Alter, fir vun dësem Remboursement ze profitéieren, eropsetzen?

*Nee.*

Politik a Gesellschaft

18. Wéi wëllt Dir d'Erhiewung an d'Notzung vun genderspezifeschen Donnéeë sécherstellen (bei parlamentareschen Ufroen, beim Statec, bei Etüden, ...)

*Fir d'ADR ass dat keng allgemeng Prioritéit, ausser bei Problematiken, wou d'Geschlecht eng wierklech wichteg Roll spillt. Fir dee Fall muss dann eng ad-hoc-Reegelung fonnt ginn.*

19. Wéi wëll Är Partei Genderbudgeting ëmsetzen?

*Guer net.*

20. Wéi setzt sech Är Partei besonnesch fir rassiséiert Fraen, queer Fraen a Frae mat Behënnerung an?

*D'ADR ass géint Rassismus, egal ob Mann oder Fra betraff sinn. An där Hisiicht gëtt et schonn e ganz zolitte legalen Dispositif.*

*Eng speziell politesch Handlungsdimensioun fir sougenannte „queer" Persoune besteet an eisen Aen net.*

*Allerdéngs setze mir eis konsequent dofir an, fir Leit mat enger Behënnerung ze hëllefen. Wann dobäi geschlechtsspezifesch Aspekter eng besonnesch Roll spillen, wëll d'ADR déi selbstverständlech och berécksiichtegen.*

21. Wéi wëll Är Partei genuch bezuelbare Wunnraum fir besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppe schafen (elengerzéiend Elteren, Famillje mat méi wéi 3 Kanner, Affer vun haislecher Gewalt, ...)?

*D'ADR ass fir eng eenzeg national Lëscht fir den Zougang zu Sozialwunnenge mat kloren an transparente Critèren. Mir brauchen och däitlech méi Logementer fir Noutfäll an de Gemengen. D'Zuel vun de Foyersplaze soll erhéicht ginn, fir Fraen, awer och fir Männer, well et fir si bis elo praktesch keng Foyersplaze ginn, besonnesch och keng fir Männer mat Kanner. Well d'ADR eng aner Asylpolitik wëll wéi déi vun där aktueller Regierung, kéinte vill Heemer fir DPIen an Zukunft fir aner sozial Zwecker gebraucht ginn.*

22. Wéi wëll Är Partei Jongen- a Männeraarbecht förderen (zousätzlech zum Service InfoMann)?

*Grondsätzlech stellt sech d'Fro, wéi eng geschlechterorientéiert „Aarbecht" iwwerhaapt soll ausgesinn a wat een dorënner versteet. De Staat kann natierlech an der Gesondheetspolitik geschlechtsspezifesch Aspekter berécksiichtegen, an der Familljepolitik, um Aarbechtsmaart an esou weider, do wou sech objektiv Ënnerscheeder kënne weisen a wou méiglecherweis Ongerechtegkeete kéinte bestoen. D'Foyere fir Männer, déi Affer vu Gewalt sinn, sinn do e gutt Beispill. Och sollte bei der „Männer- a Jongenaarbecht" méi Organisatioune staatlech begënschtegt ginn, déi anescht un déi Problematik eruginn, wéi z.B. InfoMann. De Staat sollt och a verschiddene wichtege Beräicher, wéi z.B. d'Praxis bei de Scheedungen, d'Situatioun an de Schoulen, asw.*

*reegelméisseg iwwerpréiwen, ob Männer oder Jongen, genee esou wéi Fraen a Meedercher, fair a gerecht behandelt ginn an déiselwecht Chancen hunn, an, wann néideg, méiglech Problemer léisen.*

23. Frae leeschten een Drëttel méi onbezuelte Care-Aarbecht wéi Männer an hunn doduerch däitlech manner zäitlech an ekonomesch Ressourcen, wat a ville gesellschaftleche Beräicher d'Ongläichstellung vun de Geschlechter fërdert. Wéi wëll Är Partei dëser ongläicher Verdeelung vun der onbezuelter Care-Aarbecht entgéintwierken?

*Fir d'ADR ass kloer, datt, esouwäit dat d'Familljeliewe betrëfft, de Staat sech net däerf amëschen. Wien am Stot wéi eng Aufgaben iwwerhëlt, ass eng Decisioun, déi dem Stot muss selwer iwwerlooss bleiwen. Dat selwecht gëllt och fir d'Gestioun vun de Suen an engem Stot.*

24. Wéi eng konkret Mesurë plangt Är Partei fir Paritéit an de politesche Mandater ze fërderen?

*D'ADR ass géint Quoten. Si wëll awer, datt jiddereen, ob Fra oder Mann, deen sech bis elo net an der Politik konnt abréngen, besser Konditiounen offréiert kritt. Leit, déi Schichte schaffen, hunn z.B. manner Méiglechkeete wéi anerer sech am politesche Liewen ze engagéieren. D'Politik sollt méi flexibel ginn, an dat bedéngt eng Reflexioun an de politesche Parteie selwer.*

25. Wéi wëllt Dir sexistesch Belästegung am ëffentleche Raum verréngeren?

*Am ëffentleche Raum muss d'Sécherheet onbedéngt staark verbessert ginn. Et kann net sinn, datt d'Leit, besonnesch d'Fraen, Angscht hunn, fir eleng op d'Strooss ze goen. Dat gëllt och fir Fraen, déi wëlle Bijouen undinn oder déi wëllen owes erausgoen. Den Haaptproblem dobäi ass also dee vun där allgemenger Kriminalitéit. En anere geschlechtsspezifeschen Aspekt vun Diskriminéierung ass dee vu Burqa/Niqab etc. D'ADR ass fir e Vermummungsverbuet am ëffentleche Raum.*

26. Wéi wëll Är Partei eng geschlechtersensibel Verkéierspolitik fërderen?

*D'ADR gesäit virun allem eng Noutwendegkeet, fir eelere Leit a Leit mat enger Behënnerung méi Sécherheet am Verkéier ze garantéieren. Dozou gehéiert z.B., datt d'Zäite bei de roude Luuchte laang genuch sinn, datt och genuch speziell Parkplazen existéieren, an esou weider. Och Familljeparkplazen an ëffentleche Parkinge sollen ausgebaut ginn.*

<u>Aussepolitik</u>

27. Wéi wëll Är Partei eng feministesch Aussepolitik ëmsetzen?

*Guer net. Déi universell Prinzippie gëlle fir jiddereen, onofhängeg vu sengem Geschlecht. Baussepolitik soll och prioritär der Vertriedung vun eisen nationalen Intressien déngen.*

28. Wéi wëll Är Partei d'Mënscherechter vu Fraen a geschlechtleche Minoritéiten ouni Pabeieren op europäeschem Niveau an hei am Land sécheren?

*Wien illegal am Land ass, muss d'Land verloossen. Esoulaang een nach hei am Land ass, si seng Rechter konstitutionell garantéiert. Déi selwecht oder änlech Garantië gëtt et och an aneren europäesche Staaten.*

Kultur

29. Wëllt Dir paritéitesch virgoe bei der Fërderung vu Kënschtler*innen (finanziell a wat d'Representanz vun hire Wierker an de Kulturprogrammer betrëfft)?

*Absolutt net. D'ADR ass géint staatlechen Dirigismus an der Kultur.*

30. Wëll Är Partei geziilt d'Schafe vu weiblechen, queeren a benodeelegte Kënschtlerinne fërderen?

*Och net. D'ADR wëll keng Quotekultur. D'ADR ass fir d'Fräiheet.*